



1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Ech maachen heimat d'Setzung op. An et schéngt net, wéi wann d'Regierung eis am Moment eng Matdeelung ze maachen hätt.

Da waarde mer bis herno a ginn direkt op den éischte Projet vun eisem Ordre du jour iwwer, d'Institution vum engem Mediationsservice, fir derfir ze suergen, dass déi Jonk esou laang wéi méiglech kënnen an der Schoul bleiwen, wann ech dat richtig resuméiert hunn.

An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

2. 7072 - Projet de loi portant

1. institution d'un service de médiation au maintien, à l'inclusion et à l'intégration scolaires de l'Éducation nationale,

2. modification de la loi modifiée du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire,

3. modification de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État,

4. modification de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur*. - Merci, Här President. Ech géif soen, Dir hätt dat wonnerbar als Ufankssaz hei resuméiert. Mä e bësse méi déif gi mer dann awer nach an eisem Rapport.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Jo, soss bräichte mer lech jo net.

(Hilarité)

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur*. - Dat stëmmt. Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, all Schüler, deen eng Schoul ouni Ofschloss verléisst, ass een ze vill. E Schoulouf-broch, en Décrochage scolaire also, ass awer leider net just e Problem am Ausland, mä et ass och zu Lëtzebuerg eng Realitéit. All Joers sinn et ronn 1.700 Schülerinnen a Schüler, déi eis Lycéeë fréizäiteg, also ouni fäerdeg Ausbildung, ouni Ofschloss, ouni Diplom an der Täsch ver-loossen.

Et sinn Decisiounen, déi oft op ee Coup getraff ginn an awer laangfristeg Konsequenzen hunn. Well wann ee bis aus der Schouleraus ass, da gëtt et vu Rentrée zu Rentrée méi schwéier, sech erëm motivéiert ze kréien, de Rucksack aus dem Eck ze huelen an erëm an der Schoul vir-unzefueren respektiv am September dann nei unzefänken.

Jo, et gi Fäll, wou de Wee vum Ophalen an der Schoul fir dee jonke Mënsch méi einfach schéngt, wéi no enger Léisung ze sichen, fir vir-unzefueren oder fir duerno am neie Schouljoer am September nees nei unzefänken. Dofir musse mir, d'Politik, de Schoulsystem, d'Gesellschaft u sech, alles drusetzen, dass d'Schüler an der Schoul bleiwen an eng Formation er-follegräich ofschléissen.

Dat läit am Interessi vun all Mënsch, dem Schüler un éischter Plaz, well et geet schliiss-lech ëm seng eegen Zukunft, mä awer och vum Land, well et geet dem Land da gutt, wann d'Zukunftsaussichte fir d'Bierger am Land positiv sinn. A besonnesch déi jonk Gene-ratiounen brauchen Perspektiven, dat besonnesch um Aarbechtsmarché, fir sech eng Zukunft kënnen opzebauen.

OUNI Diplom an der Täsch ass et immens schwéier, eng Aarbechtsplaz ze fannen. Den Aarbechtsmaart bitt hautdesdaags ëmmer manner bis kaum nach Plaze fir Unqualifizierter un. Dat ass gewosst. Donieft kënnt awer och de Risiko vun der sozialer Marginaliséierung. Et kann ee seng sozial Kontakter net méi esou flegen, et verléiert een da gär den Uschloss u seng Frënn, u säi gewinnt Ëmfeld an heiansdo souguer un d'Gesellschaft mat alle Konsequenzen, déi dat da mat sech bréngt.

D'Grënn fir esou e Schouloufbroch si villfälteg a si ënnerscheede sech och vu Schüler zu Schüler. Mol ass et e widerhuelten Echec, vläicht och e Gefill vun Netkënnen, vun Iwwer-fuerderung, mol ass et esou, dass d'Schoulouffer

net un engem seng Talenter, Interessen oder Besoinen ugepasst ass, dass een zu engem gewëssene Moment kee Sënn méi an der Schoul gesäit an dofir einfach ophält.

Et feelt och heiansdo doheem un Ënner-stützung. Et kënnt vir, dass d'Schüler sech im-mens eleng gelooss fillen an dofir d'Bengelen dann einfach bei d'Tromm geheien. Et kënnt vir, dass d'Ëmfeld oder d'Ëmstänn immens schwéier si fir de Jonken an hien da léiwer deen einfache Wee vum Opgi geet. Et kënnt och vir, dass duerch verschidden Desavantages, aus Mangel u Kënnen vu Sproochen zum Beispill oder duerch en Handicap, Jugendlecher sech esou onwuel spieren a fillen an dann einfach opginn, well si et schwéier oder guer net méi erdroen. Oder et gëtt Jugendlecher, déi einfach emol an enger rebellescher Phas sinn an déi duerchliewen an aus Prinzip dee Moment kee Bock méi op Schoul hunn.

An ech kéint elo där Beispiller nach ganz vill opzielen. Mä et ass awer och genau dat, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Problematik vum Décrochage scolaire esou schwierig mécht. Et gëtt eben net deen ee Grond, firwat Schüler d'Schoul ofbriechen, mä et gëtt der wahrscheinlech esou vill, wéi et insgesamt Schouloufbriecher an eiser Schoul gëtt.

Et gëtt deemno awer och net déi eng Zauber-formel, mat där ee vun haut op muer all d'Schüler an der Schoul géif behalen. Wann een dat mengt, ass dat utopesch. Eis Ambitioun muss et awer sinn, dass vill eenzel Mesu-ren, Programmer an Initiativen um Terrain hir Friichten droen an dass se allegueren am Ka-der vun hire Missiounen a Kompetenzen hiren Deel dozou bäidroen, fir d'Schüler an der Schoul ze halen oder, wa se dann net méi do sinn, se erëm esou séier wéi méiglech dohin-nerzekréien.

Dat gouf och scho während der Lëtzebuenger EU-Présidence 2015 am Kader vun enger nation-aler Konferenz iwwert de Maintien scolaire festgehalen. D'Zil vum Schoulsystem muss et sinn, Efforten ze maachen a Konditiounen ze schafen, fir dass eis Schüler duerch ënner-schiddlech Angeboter, Strukturen a Pädago-gien eng beschtméiglech Chance hunn, fir hir Schoul kënnen erfollegräich ofzeschléissen.

Et gouf an et gëtt vill där Initiativen, déi de Schüler hëllef kënnen, an dat op ganz ënner-schiddlechen Niveauen. Ech denken do zum Beispill un d'Mosaikklassen, un den SNJ, d'An-tennes locales pour jeunes, un d'Maison de l'orientation. Ech denken awer och u Strukture wéi den Observatoire de la qualité scolaire, dee strukturell begleetend ass fir d'Schoul an deemno och fir d'Schüler, déi an der Schoul sinn.

Iewesch Zil, an ech widerhuele mech do: De Schüler soll all Méiglechkeet kréien, fir hei am Land net ouni fäerdeg Ofschloss aus der Schoul erauszekommen. Anescht gesot: An der Strategie géint den Décrochage scolaire musse mir all Moya asetzen, deen et eis als Gesell-schaft erlaabt, deene jonke Mënsche Perspek-tive fir hir eegen Zukunft ze bidden.

► **Une voix**. - Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (DP), *rapporteur*. - Mat dësem Gesetzesprojet kënnt elo ee Service derbäi, deen op seng Aart a Weis och genee dat als iewesch Zil huet: d'Lutte géint de Schouloufbroch. Wann ech soen „op seng ee-gene Aart a Weis“, do kommen ech gläich drop zrëck, obwuel den Numm eleng scho verréit, wouhin de Wee geet: de Service vum Média-teur scolaire.

Här President, de Mediateur gëtt e weident Puzzlestéck, fir dem Décrochage scolaire ent-géintzewirken an en am beschte Fall ze evi-téieren. De Mediateur setzt déi individuell Si-tuatioun vun deem Eenzelnen an de Mëttel-punkt a këmmt sech ëm konkret Eenzelfäll. De Mediateur hält Reklamatiounen entgéint, wou Situatiounen fir d'Schüler entstinn, déi am gesetzleche Kader an enger Sakgaass gelant sinn, an ënnerstëtzt d'Schüler an d'Elteren an hiren Demarchen. Hie vermëttelt, also hie sicht no konkrete Léisungen. D'Zil ass et deemno, al-les drunzesetzen, dass Jonker, déi net méi schoufflichteg sinn, net fréizäiteg e Schlus-stréch ënner hir Schoulcarrière zéien.

De „Service de médiation au maintien, à l'inclusion et à l'intégration scolaire“ agéiert, wéi den Numm et och schonn undeit, awer och nach an zwee anere Kärberäicher, nämlech an der Inklusioun an an der sozialer Integratioun. Grad hei leien déi grouss Erausforderunge vun eiser Éducation nationale.

De Volet vun der Inklusioun betrëfft haaptsäch-lech d'Scolarisation vun de Schülerinnen a Schüler mat spezifische Besoinen, sief dat eng kleng Defizienz oder en Handicap. Et ass net déi éischte Kéier, dass mir hei am Haus iwwer Kanner mat spezifische Besoine schwätzen. D'Regierung huet do a kuerzer Zäit extrem vill Efforte gemaach, fir deene Kanner op eng fach-

gerecht a spezifesch Aart a Weis ze hëllefen. Ech denken do zum Beispill un déi 150 speziali-séiert Enseignanten am Fondamental, déi sech an enger inklusiver Approche geziilt ëm dës Kanner kënnen këmmeren.

Ech denken awer och un déi nei Plans de déve-loppement d'établissement scolaire, déi souge-nannt PDSen an de Primärschoulen an an de Lycéeën, bei deenen d'Schoule sech selwer sol-len Demarchë ginn, fir den Encadrement vu Kanner mat spezifische Besoinen ze ver-besseren. Dësen zweeten Aufgabeberäich vum Mediateur schreift sech also voll a ganz an deen dote Kader an.

Zum drëtten Volet dann: Dee betrëfft déi sozial Integratioun, zemools vun deene Kanner, déi net hir ganz Schoulzäit hei zu Lëtzebuerg ver-bruecht hunn an doduerch vum Statsrot an no Diskussiounen an der Kommissioun gouf awer dunno zrëckbehalen, dass ee Mediateur fir déi dräi Aufgabeberäicher geschaaft gëtt.

Dat sinn also déi dräi Aufgabebebidder, an deenen den neie Mediateur vermëttelt soll: am Beräich vum Maintien scolaire, vun der Inklus-ioun an am Beräich vun der sozialer Integra-tioun. Et war aganks ugeduecht, fir ee Media-teur fir jiddwer eenzelne Beräich dovun ze schafen, deemno dräi Mediateuren am Gan-zen. Op Recommandatioun vum Statsrot an no Diskussiounen an der Kommissioun gouf awer dunno zrëckbehalen, dass ee Mediateur fir déi dräi Aufgabeberäicher geschaaft gëtt.

Här President, eppes ass de Mediateur awer ganz kloer net! Hien ass keng Meckerkëscht, an déi een alles kann drageheien, wat een am Schoulalldag vläicht net esou gutt fënnt. Wann ee Schüler zum Beispill eng Strof kritt, mä en aneren eng gestéibt huet, da kann dee Schüler net bei de Mediateur goen. Vlächte géife Ver-schiddener soen: „Schued!“ Mä et ass awer esou. Oder wann e Schüler e Punkt ze vill an der Prüfung ofgezu kritt, dann ass och dofir de Mediateur net zoustänneg.

De Mediateur scolaire vermëttelt an deenen dräi Aufgabebebidder, déi ech lech elo gesot hunn, a kuckt, fir zesumme mat de Schüler, mat den Elteren, mat der Schoul no Léisungen, no konkrete Léisunge fir hir Fäll ze sichen, an dat am Dialog, an der Vermëttlung an, wéi ge-sot, am Sichen no Léisungen, déi dem Schüler an der Schoul am Endeffekt zeguttkommen.

Här President, ech kommen dann nach zum Fonctionnement vum Mediateur scolaire a vu senger Equipp. Si ginn duerch schrëftlech Reklamatiounen vun den Elteren, groussjärege Schüler oder Beamte vun der Éducation nation-ale saisiert. Si iwwerpräiwen dann d'konkret Situatioun an der Schoul, ob d'Schoul sech zum Beispill un hir Missioun gehalen huet, d'Reglementer respektéiert huet oder eng ade-quat Formation vun de Schüler ubitt. Si kë-nnen uschléissend eng Enquête opmaachen, fir méi genee ze kucken, ob dës Reklamatioun fondéiert ass, an eventuell weider Informa-tiounen bei den zoustännegen Schoulen oder och Servicer ufroen.

Opgrond vun deene Konklusione formuléiert de Mediateur da seng Recommandatiounen un déi betreffen Akteuren. D'Zil ass et ze vermëtte-len, fir zesummen e Règlement à l'amiable un-zestriewen. De Mediateur kann doriwwer eraus och Verbesserungsvorschläi un de Minister an och un den Observatoire national de la qualité scolaire riichten. Et ass a mengen Aen och wichteg ze ënnersträichen, dass d'Schüler an hir Eltere während der ganzer Prozedur an deenen eenzelnen Demarchen ënnerstëtzt a vum Mediateur um Lafende gehale ginn. Si ginn also ni alleng gelooss.

Esou huet de Mediateur zum Beispill déi ge-setzlech Verflichtung ze soen, wou déi eenzel Reklamatiounen dru sinn a wéi eng Suite se hunn. Hie muss iwwerdeems och justifiéieren, firwat Reklamatiounen eventuell klasséiert ginn an deemno dann och keng Suite géife kréien.

De Projet de loi gesäit och vir, dass de Media-teur all Joers e Rapport d'activité publizéiert an doranner unhand vu senger Recommanda-tiounen präziséiert, wou genau de Schong dann dréckt. De Rapport gëtt schlussendlech un d'Chamber an un d'Regierung adresséiert an um Site vum Ministère ëffentlech gemaach.

Här President, zu dësem Projet de loi sinn och eng ganz Rëtsch Avisen un d'Chamber adres-séiert ginn. Ech wëll allen am Numm vun der Kommissioun op dës Plaz Merci soe fir hir pertinent Remarken. Fir all weider Detailler ver-weisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Mir bleift näischt anescht iwwreg, wéi lech Merci ze soe fir d'Nolauschteren an dem zukünftigen Mediateur a senger Equipp e gudden Start an eng glécklech Hand ze wënschen.

An ech ginn heimat an engems schonn den Ac-cord vu menger Fraktioun, vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, zu dësem Projet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix**. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci. An d'Wuert huet elo d'Madamm Françoise Hetto fir d'CSV.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch** (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischts soen ech emol dem Här Lamberty villmools Merci fir säi ganz explizite Rapport.

Mat dësem Gesetzestext gëtt e Mediationsser-vice innerhalb vum Bildungsministère ge-grënnt. An dee Service gëtt geleet vun engem Mediateur scolaire an enger Equipp aus Kolla-borateuren, un déi souwuel d'Eltere wéi awer och groussjärege Schüler sech mat hiren Do-leancé kënnen adresséieren, an zwar an all deene Fäll, wou d'Schoul net esou fonction-néiert huet, wéi se eigentlech misst.

Virun allerdéngs, an dat ass och gutt esou, musse se sämtlech administrativ Demarchë ge-maach hunn, déi eise Schoulsystem virgesäit. D'Médiation scolaire muss einfach e Service de dernière instance sinn.

De Service schafft op dräi Aufgabefelder: en-gersäits der Integratioun vu Kanner a Jugend-leche mat Migrationshannergrond, dann der Inklusioun vu Kanner mat Léierschwierigkeeten an dem Maintien scolaire vun de Schüler. Ganz am Ufank war souguer fir jiddweree vun dësen dräi Beräicher en eegene Mediateur virgesinn, a mir begrëssen, dass de Minister mat op de Wee gaangen ass, fir déi Iddi falen ze loos-sen an et bei engem eenzege Mediateur ze beloos-sen.

Wat elo d'Integratioun vu Kanner a Jugend-leche mat Migrationshannergrond ugeet, huet jo Lëtzebuerg duerch d'Flüchtlingswell an deene leschte Joren eng ganz Partie Leit opge-holl, dorënner och ganz vill Famillje mat Kanner am Schoulalter. An hei geet et wierk-lech kloer drëms, déi Kanner esou séier wéi méiglech an eise Schoulsystem ze integréieren.

Mä et sinn net nëmme Flüchtlingskanner, déi mir an eise Schoulen ophuelen. Et kommen ef-fektiv och all Joers Familljen op Lëtzebuerg, Fa-millje mat Kanner, aus ganz aneren Ur-saachen.

All dës Kanner brauchen en adaptéiert Encadre-ment, fir sech gutt a richtig an eise Schoulsys-tem ze integréieren. Duerfir hu mir och eng ganz Partie vu Strukturen, déi sech genee ëm déi Problematik bekëmmern. Et gëtt d'Mé-diateurs interculturels, déi an d'Schoule kom-men. Mir hunn d'CASNA, d'Cellule d'accueil scolaire pour élèves nouveaux arrivants, oder och nach de SECAM, de Service de la scolarisa-tion des enfants étrangers, fir der nëmme e puer ze nennen.

Mir sinn der Meenung, dass all dës Servicer eng ganz gutt Aarbecht um Terrain leeschten, a mir bezweifelen, ob e Service de médiation fir grad dës Erausforderung eng reell Plus-value ass. Wéi soll d'Kollaboratioun tëscht all deenen eenzelne Servicer iwwerhaapt ausgesinn, fir en double Emploi an och nach Zäitverloscht ze evitéieren?

En zweete Volet bei der Inklusioun vu Kanner mat spezielle Léieruspréich: Do schwätze mer souwuel vu Kanner, déi e kierperlechen Handi-cap hunn, wéi awer och vu Kanner, déi Léier-problemer hunn, bedéngt duerch zum Beispill Hyperaktivitéit, eng Dyslexie, Legasthenie, Dys-kalkulie, oder awer och vu verhalensopfällege Kanner oder och nach iwwerdurchschnittlech intelligente Kanner. Ëm déi 1.350 Kanner hei am Land sinn dovunner beträff.

Mir hunn an dësem Beräich ënner anerem de CePAS, also de Service oder Centre psycho-so-cial et d'accompagnement scolaires, mir hunn d'Ediff, mir hunn d'ESEB, d'Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, de Centre de logopédie, d'Com-mission d'inclusion am Fondamental an och déi sougenannten I-EBSen, d'Instituteurs spé-cialisés.

E weidere Gesetzestext soll dann och elo d'Ediff reforméieren, wou mer dann acht Kompe-tenzzentren kréien, an eng national Commission d'inclusion ersetzt déi aktuell Commission mé-dico-psycho-pédagogique nationale.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt, ganz, ganz vill verschidde spezifesch Ulaflazen, an et ass net ëmmer ganz kloer, wie wéini wou soll intervenéieren. Et gi ganz vill Berichter geschriwwen an et dauert dacks im-mens laang, bis déi reell Hëllef beim Kand ukënnt. Hei stellt sech d'Fro: Wéi kann dat alles besser ënnerenee koordinéiert ginn? Fir be-suerget Eltere vu betraffene Kanner ass et quasi



onméiglech, fir an deem Dschungel u Strukturen a Servicer den Duerchbléck ze behalen. A mir bezweifelen, dass eng weider Ulafplaz, an dësem Fall de Médiateur scolaire, méi séier a méi effikass kann hëllefen.

Ass et net souguer esou, dass d'Elteren an hirer Verzweiflung sech vläicht éischter direkt un de Mediateur wënnen, well se sech do méi eng séier Hëllef erhoffen? Ass et net esou, dass besonnesch déi Elteren, déi de Schoulsystem an eis Gesetzter gutt kennen, éischter Demarchen, fir bei de Mediateur ze goen, wäerte maachen, wéi Leit, déi sech domadder net esou gutt auskennen? Den Zougang, Här Minister, zum Mediateur därfer net u sozioekonomeschen a bildungskulturelle Voraussetzunge vu Schüler an Eltere scheiterten.

Duerfir hate mir och en Amendement abruecht. E Parallelismus hu mer am Fong geholl gesicht zum Santésmédiateur. Ech liesen lech vir: «L'élève et ses parents sont en droit de se faire assister dans leur démarche par une tierce personne de confiance librement choisie.» Dat kéint zum Beispill e Représentant des parents sinn, eng Fachkraaft aus dem psychosoziale Secteur oder awer och e Mataarbechter vum Service psycho-social et d'accompagnement scolaires. Eisen Amendement ass leider verworfen ginn.

Drëtte Volet dann: Den Décrochage scolaire ass hei zu Lëtzebuerg - an de Rapporteur huet et mat Recht gesot - e reelle Problem. Ëm déi 13% vun eise Schüler brieden d'Schoul all Joers of, an dat si plus/minus 1.700 Kanner, Jugendlecher. Laut der leschter Etüd vun NEET haten 2016 5,4% vun de Jugendlechen tëschent 16 a 24 Joer weder eng Aarbechtsplaz nach eng Ausbildungsplaz nach ware se an der Schoul. An et ass kloer fir eis alleguer heibanen, dass dat Chiffere sinn, déi vill ze vill héich sinn.

Et muss och ugepaakt ginn um Terrain selwer. An do hu mer och schonn eng ganz Partie Strukture wéi de CePAS, de Service socio-éducatif, d'ALJ, déi jo mëttlerweil an den SNJ integréiert ginn ass, an d'Maison de l'orientation, fir der nëmmen e puer ze nennen.

D'CSV ass der Meenung, dass mat engem Médiateur scolaire de Problem vum Décrochage scolaire net wäert geléist ginn. Hei muss a ganz aneren Hiewele geschafft ginn, un der Orientatioun, un der Methodik, un der Didaktik, un de Programminhalter, un der Aart a Weis, wéi mir hei zu Lëtzebuerg Sproochen enseigner. An et misst eigentlech fir d'Éischt eng ganz genee Analys vun den Ursache vum Décrochage gemaach ginn, well nëmmen, wa mer d'Ursache kennen, da kënnen mer och reagieren.

Den Aufgabeberäich vum Médiateur scolaire léisst, wat d'Denominatioun ubelaangt, drop schléissen, dass hie sech haaptsächlech ëm déi dräi Voleten Inklusioun, Décrochage an Integratioun wäert bekëmmern. Mä den Artikel 3, dee beschreift awer, dass hien en charge ass vun allem Schouleschen, wat net esou leeft, wéi et misst. An duerfir stelle mir eis d'Fro, ob en allgemengt Beschwerdemanagement mat klore Prozeduren op lokalem Niveau stattfënnt, ob dat iwwerhaupt stattfënnt. A wa jo, ob dat eigentlech iwwerall bekannt ass.

Ginn d'Kanner, d'Elteren, d'Schoulpartner a Kenntnis gesat vun alle Weeër, déi hinnen opstinn, fir sech ze beschwieren, vun alle Méiglechkeeten, déi se hunn, fir Konflikter ze léisen? Ech denken u Spriechstonnen oder eventuell och Mediation an der Schoul, an zwar ier se de Wee bei de Mediateur iwwerhaupt emol siche ginn.

Kéinten do zum Beispill d'Directeurs de région esou Best Practices ausschaffen, fir den Elteren ze hëllefen, déi richteg Ressourcë fir hir spezifesch Problemer ze fannen? Eng weider Iwwerleeung: Den Aufgabeberäich vum Médiateur scolaire, deem deckt jo am Fong geholl just de schoulesche Beräich of. Vu dass awer haut ganz vill Kanner ganzdaags betreit ginn, wéi et wünschenswäert gewiescht, wann een hei eng ganzheetlech Approche am Interessi vum Kand gewielt hätt. Wier et net logesch, Här Minister, och eng Maison relais matanzebannen, wann zum Beispill opgrond vun der Interventioun vum Mediateur wesentlech noutwendeg Changementer am Émgang mam Kand sech géifen erauskristallisieren?

Ech kommen dann elo zu menger Konklusioun. D'CSV ass der Meenung, dass een déi dräi Themefelder Maintien, Inklusion an Intégration scolaire muss verstärkt an Ugrëff huelen. Mä mir bezweifelen, dass de Médiateur scolaire dat kann eleng regelen. Et geet drëms, fir de be-
traffene Kanner an de Jugendlechen esou schnell wéi méiglech ze hëllefen. An duerfir

misst fir d'CSV d'Transparenz an d'Effikassitéit vun der Aarbecht, d'Kommunikatioun tëschent deenen eenzelen scho besteende Servicer a Poste verbessert ginn. Déi eenzel Servicer misste vill besser koordinéiert, vernetzt an och weider gestärkt ginn.

Ass iwwerhaupt scho mat de Leit um Terrain gekuckt ginn, wéi déi vill Servicer kéinten an hiren Ae besser zesummeschaffen oder wéi eng Moyene si gesinn, wéi eng Moyene si brauchen, fir kënnen méi effizient an och virun allem méi séier ze reagieren?

Här President, mir froen eis och, ob et richteg ass, dass d'Decisioun vun dem Mediateur finalément irrevocabel ass. A mir bedauern och, dass d'Kritären, wat déi zousätzlech Qualifikatiounen ubelaangt, fir dierfen d'Fonction vum Mediateur ze iwwerhuelen, net genee definiert gi sinn. De Conseil d'État hat dat och opgeworf. Et muss een elo kucken, wéi dëse Service sech an déi schoulesch Serviceland-schaft integréiert, ob e senger neier Aufgab gerecht gëtt a gegebenenfalls muss een dann Ajustementer virhuelen.

Mir als CSV wäerten eis op alle Fall bei deem heite Projet enthalten.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An den nächste Riedner ass den Här Georges Engel fir d'LSAP.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Service de médiation au maintien, à l'inclusion et à l'intégration scolaires de l'Éducation nationale, méi kuerz „Médiateur scolaire“ genannt, ëm dee Projet geet et haut. Merci dem Rapporteur fir säi ganz gudden mëndlechen a schréfftleche Rapport an och der Kommissioun fir déi gutt Aarbecht an der Kommissioun, déi mer bei dësem Projet haten.

Dräi grouss Problemer, Dir Dammen an Dir Hären, goufen identifizéiert, mat deenen d'Schoul dann och am Allgemengen ëmmer erëm konfrontéiert ass: eng Kéier d'Scolarisation vun de Kanner mat Immigrationshannergrond, zweetens, d'Scolarisation vu Kanner à besoins éducatifs spécifiques, an drëtts, den Décrochage vu Schüler, déi an hirem Apprentissage aus verschiddenste Grënn net virukomm sinn.

Et muss ee jo wëssen, dass Lëtzebuerg eng ganz speziell Situatioun huet, mat engem Undeel zum Beispill u Kanner mat Immigrationshannergrond, deenen an anere Länner sengesgläiche sicht. Dräi grouss Problemer, déi eis besonnesch Opmierksamkeet brauchen, ze-mools well et hei ëm eng vulnerabel Schoulpopulatioun geet, déi och speziell Hëllef brauch. An et gëtt schonn eng ganz Partie vun Hëllef, déi en place sinn, esou wéi d'Madamm Hetto vun der CSV et elo virduen och gesot huet mat der Opzielung vun all deene Mesuren, déi et scho ginn.

An ech ginn hir recht an deem Punkt, wa se seet, dass et schwierig ass, den Duerchbléck bei all deene Mesuren ze behalen; all déi Mesuren, déi natierlech alleguer do sinn, fir där Populatioun ze hëllefen, fir déi se och geduecht sinn, an déi och alleguer hir Daseinsberechtigung hunn. Mä wann et fir de Professionelle scho schwierig ass, fir duerch de ganze Bësch ze gesinn, dann ass et sécherlech och fir d'Eltere schwierig.

Dat heescht awer net, dass alleguer déi Mesuren net noutwendeg sinn, mä dat soll eis encouragéieren, fir all déi Mesuren, déi et ginn, och nach besser bekannt ze maachen an Opklärungsarbecht do ze leeschten, wou et noutwendeg ass. Well d'Problemer si mannegfaltig, sinn divers, si villschichteg a si komplex. An duerfir brauche mer och eng ganz Rei vu Servicer, déi sech där ganzer Problematik kënnen unhuelen.

Ech hunn et virdu gesot, d'Schoulpopulatioun zu Lëtzebuerg ass exceptionnel. Den Taux vu Kanner mat Immigrationshannergrond ass a kengem Land esou héich wéi zu Lëtzebuerg. Mir hunn och en héije Prozentsaz vun der Population scolaire - 13%, also 1.700 Schüler -, déi all Joer eisen Enseignement ouni Diplom verloossen.

Alleguer déi Schüler wëllen awer herno eng Kéier op den Aarbechtsmaart, wëllen herno eng Aarbechtsplaz hunn, wëlle sech abréngen, wëllen och hiren Notzen an d'Gesellschaft matbréngen, wëllen och an der Gesellschaft gebraucht ginn. Duerfir ass et wichteg, dass mer eis ëm déi Populatioun do besonnesch bekëmmern, well wat mer se méi fréi kënnen opfänken, wat mer hinne méi fréi kënnen hëllefen, wat hiren Astig an d'Gesellschaft besser geet an hir Roll an der Gesellschaft och méi gewürdegt gëtt.

D'Strategie vun „Europa 2020“ vun der Kommissioun wëllt, dass mer dee Prozentsaz vun

13%, dee mer elo hunn, erofkréien op 10%. Duerfir ass all Measure, déi an déi Richtung geet, och eng gutt Measure. An ech kann lech soen, a mengem professionelle Liewen als Assistent social, deenen an der Schoul geschafft huet, kann ech och dovunner e Liddche sangen. Obwuel mäi professionellen Deel éischter an der Primärschoul war, konnt een do schonn Zeechen erkenne vun engem Décrochage scolaire, deenen een herno konnt erliewen, wann ee se am Secondaire gesinn huet.

Duerfir weess ech, dass mer onbedéngt musse géint den Décrochage scolaire do virgoen. A well mer déi exceptionnel Schoulpopulatioun hei zu Lëtzebuerg hunn, brauche mer och exceptionnel Mesuren. Duerfir gëtt dann haut dee Service de médiation geschafft.

Dëse Service soll hëllefen, dass dann d'Zuel vun den Décrocheurs scolaires ofhëlt, dass ënnersicht gëtt, ob dat, wat vu Mesur proposéiert ginn ass, adequat war oder ob de System Lacunnen huet. Et ass dat dann och d'Konklusioun vun engem europäesche Symposium „Staying on track“, deenen eis seet, dass mer eng Strategie nationale sollen ausschaffen, fir eben deenen ze hëllefen, déi riskéieren ze décrochieren.

An ënner anerem war nieft der Strategie nationale och d'Kreatioun vum Mediateur eng vun deene Mesuren. De Mediateur, deenen ass complémentaire zum Observatoire national de la qualité scolaire, soll Avisen ausschaffe fir de Minister an awer och ebe grad fir deen Observatoire. De Mediateur ass, wéi de Rapporteur ganz richteg an exzellent gesot huet, net déi éischt Ulafstell, mä u sech déi lescht Ulafstell, wann all déi aner Recoursen epuiséiert, probéiert goufen, deenen u sech dann eréischt soll als Ulafstell genotzt ginn.

Natierlech mussen d'Intégritéit, den Datenschutz an och déi aner Donnéeën, déi d'Schüler uginn, och hei kënnen geschützt ginn. De Mediateur muss och eng Rei vu Kompetenzen hunn, hie muss d'Schoul gutt kennen, hie muss Kontakter zu Service-juridiquen hunn, zu Psychologen, zu de Service-socialen aus der Region oder aus dem Land hunn, muss präzis informéieren, muss Kommunikationsmethode kennen, muss präventiv schaffe kënnen, muss awer och Konflikter geréiere kënnen, natierlech eng exzellent Deontologie hunn. E muss och eng ganz Rei vu Viraussetzungen hunn, fir dass e seng Aarbecht kann optimal erfüllen: zum Beispill kontaktfredeg sinn, calme a gedéleg sinn, nolauschtere kënnen, oppe sinn, empathesch sinn, tolerant sinn, intellektuell kreativ sinn. - Bon, alles dat dote soen ech och, wann zwee Leit sech bestueden.

(**Hilarité**)

E muss also eng Fäegkeet hunn, déi zwee Leit, wann déi beienee sinn, och mussen hunn. E muss awer och neutral sinn an onparteiessinn an e muss och diskret sinn.

(**Interruption**)

Dat ass vläicht och wichteg, wann ee sech bestit, jo.

Et ass also eng weider Measure, déi fir Schüler en place gesat gëtt, déi Schwierigkeeten hunn an eise System. An duerfir ass et eng Measure, déi mir och wäerten ënnerstëtzen.

Vläicht zu den Amendementer, déi nach zum Schluss vun der CSV agereecht goufen: ob de Mediateur sech selwer ka saisieren. Bon, dat ass och beim Mediateur, beim Ombudsmann net de Fall an et ass u sech d'Philosophie vum Mediateur och net richteg respektéiert. An deenen zweeten Amendement war, dass d'Leit sech kéinte berode loossen, wa se bei de Mediateur ginn. Dat ass effektiv de Fall, duerfir hu mer net deem Amendement do missen zustëmmen. Also d'Leit kënnen sech berode loossen, wa se bei de Mediateur ginn.

Ech wëllt awer nach eng Kéier op dat opmierksam maachen, wat d'Madamm Hetto gesot huet: Jo, et ginn eng ganz Rei vu Mesuren a mir mussen och duerfir d'Leit opklären, fir wat dass déi eenzel Mesuren, déi et ginn, och sinn. Mir mussen d'Leit also gutt informéieren, mussen déi richteg Informationscampagne do lafe loossen, fir dass d'Leit och den Duerchbléck behale bei all deene Mesuren, dass se sech un déi richteg Leit wënnen, fir dann och déi richteg Hëllef ze kréien.

Wéi gesot, dat hei ass eng Measure, déi mir kënnen ënnerstëtzen, well se an d'Richtung geet vu méi Hëllef fir eng Populatioun, déi vulnerabel ass. An duerfir ginn ech och heimadder den Accord vun der LSAP an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché fir déi gréng.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Villmools Merci, Här President.

„Du fäls erof an erof, mä iergendwa muss de opstoen, fir dass s de weidermaache kanns“, esou e jonke Schoulbriecher kierzlech an engem Interview, dee vun „Zeit Online“ publizéiert ginn ass. Dat ass e fromme Wunsch, mä d'Realitéit ass fir vill Schoulbriecher leider eng aner. Nëmme déi wéinegst stinn op a maache weider. Déi meescht geroode scho fréi an eng Ofwärtsspiral a sinn d'Chômeure vu muer.

Alarmant ass dobäi d'Tatsaach, dass an eise Land all Joer eng 1.700 Jonker d'Bengelen an der Schoul bei d'Tromm geheien. Déi Zuel ass elo schonn e puermol genannt ginn. Dat sinn 13% vun de Schülerinnen a Schüler, mat steigender Tendenz, wat an eise gutt entwéckelten an och zimlech deiere Schoulsystem net ze vertrieben ass.

Et läit also op der Hand, Dir Dammen an Dir Hären, dass de Kampf géint den Décrochage scolaire als eng vun de gréissten Erausforderunge vun der Politik muss ugesi ginn, dat ëmsou méi, well dëse Phänomeen nieft senger fatalen Auswierkungen op d'Liewe vum Einzelnen och en negativen Impakt op eis Économie, eis Sozialsystemer an op de sozialen Zesummenhalt an eise Land huet.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir e Problem kënnen ze verhënneren, muss ee seng Ursachen natierlech kennen an et muss ee versichen, se ze behiemen. Dat zielt net nëmme beim Problem vum Schoulbroch, et zielt och bei Problemer, déi mat der Integratioun a mat der Inklusioun vu vulnerabele Schülergruppen an de Schoulsystem ze dinn hunn.

Virun allem beim Schoulbroch sinn d'Ursachen awer ganz komplex a villschichteg. Oft gëtt jo drop higewisen, dass Schoulbriecher aus engem bildungsfernen a sozial schwache Milieu kommen, deenen de Kanner schonn am niddregen Alter net genuch Halt, net genuch Vertrauen an net genuch Ënnerstëtzung bitt. Besonnesch bei dëse Kanner féiere Messerfolleger an der Schoul schnell zu enger Ofwierhaltung vis-à-vis vum ganze Bildungssystem an dozou, dass si d'Schoulschwänze spéiderhin als déi eenzeg Méiglechkeet ugesinn, fir dem System ze entkommen.

Verstärkt gëtt dës Entwécklung oft doduerch, dass déi Betraffe keng Bezugsperson am Schoumilieu hunn a sech a Kreesser erabewegen, déi hir negativ Haltung zu der Schoul nach verstärken, bis dass se schlussendlech guer net méi an d'Schoul ginn.

Här President, aus psychologescher Siicht ass eng Beschriewung wéi dës natierlech net falsch a si soll och eescht geholl ginn. Si geet awer net duer, fir de ganze Problem vum Schoulbroch ze erfassen, well se sech op d'Defiziter vum Einzelne limitéiert an déi strukturell Defiziter vum Schoulsystem ausblent. Grad wéi de sozialen a kulturellen Hannergrond vum Einzelnen huet näamlech grad de Schoulsystem och en Afloss op de Schoulparcours vun all Kand an domat och op den Décrochage scolaire.

Eng vun den Haaptursachen vum fréie Schoulbroch läit näamlech an der net méi zäitge-méisser Praxis vum „Sëtzebleiweloosen“, wéi mer op Lëtzebuergesch soen. Virun allem méi vulnerabel Jonker ginn duerch d'Sëtzebleiweden destabiliséiert an entwéckelen d'Gefill, si kéinten an eiser Leeschtungsgesellschaft souwisou net mathalen.

Wann et an internationalen Etüden drëms geet, de Grënn vum Décrochage scolaire op d'Spur ze kommen, gëtt ganz speziell dës Volet ervirgehewen, esou zum Beispill an enger Etüd vun der Europäescher Kommissioun, déi am November 2017 drop opmierksam gemaach huet, dass zu Lëtzebuerg nëmme 40% vun de Schüler hire Schoulparcours zu Enn bréngen, ouni sëtzenzebleiweden. Dat heescht, 60% vun hinne redoublieren op d'mannst eemol am Laf vun hirer Schoulzäit. Domat erreicht Lëtzebuerg ee vun den héchste Sëtzebleifrate vum der gesamter OCDE, woubäi et wichteg ass, ze ënnersträichen, dass 22% vum Décrochage scolaire op Messerfolleger wéi Sëtzebleiweden zréckzuféiere sinn. Dat erfannen ech net, mä dat geet aus enger Etüd vum Stateg ervir.

Dobäi liwwert dës Praxis alles anescht wéi d'Garantie fir Qualitéit an en héije Bildungsniveau. Och wann eng Rei Enseignanten nach ëmmer un hir Effikassitéit gleewen, esou kaschten déi vill Redoublementer de Sozialsystem ganz vill, während hir educativ Virdeeler souze-soen null sinn.

En zweeten ausschlaggebende Grond vum fréie Schoulbroch besteet doran, dass Jonker entweder kee Patron de stage fannen oder keen Zougang zu der gewënschter Formatioun kréien. Laut dem Stateg brieden iwwer 48% vun deene Schüler hire Studium of a fannen net méi an de Schoulsystem zréck.

En drëtte Grond läit dann op der emotionaler Ebene, dee scho bei der Aschoulung vun de Kanner eng wichteg Roll spillt an net eréischt



dann, wann et ëm Bewäertungen, Berufsorientierung oder Stageplaze geet. Och wann déi Europäesche Kommissioun zu deem Volet net esou vill seet, esou ass dësen Aspekt dach ganz wichteg. Laangzäitstudie weisen zum Beispill drop hin, datt d'Distanzierung vun der Schoul schonn an der Spillschoul kann ufänken, am Fall wou Kanner regelméisseg op Onverständnis a sozial Ofleuning an hirem Schoulëmfeld stoussen, sief et weinst hirem Verhalen, sief et weinst hirem Ausgesinn oder engem Defizit.

Dir Dammen an Dir Hären, wann et dann drëms geet, esou negativ Entwécklungen ze verhënneren, wat mir jo mat dësem Projet de loi wëlle maachen, da mussen natierlech allerdéi Hiewelen a Bewegung gesat ginn, och dat ass scho gesot ginn. Et sinn der och scho vill a Bewegung gesat ginn a grad wéi d'Madamm Hetto och sinn ech der Meenung, datt den Duerchbléck net ëmmer deen einfachsten ass, weder fir déi Professionell, an nach manner fir d'Elteren.

Een Hiewel besteet natierlech an der Verbesserung vum Dialog tëschent alle Schoulpartner, net nëmmen an der Grondschoul, mä och am Secondaire. Wat deen Dialog méi positiv a méi konstruktiv verleeft, wat schlecht Leeschtungen, mä och d'Angscht virum Versoen, de Stress an d'Fluchtgedanke besser ofgefiedert ginn.

Ganz genee an dës Logik passt dëse Projet de loi, dee mir als Gréng ënnerstëtzen. En ass geduecht, fir den Dialog tëschent de Schoulpartner ze verbesseren, Reklamatiounen vun alle Säiten entgéintzehuelen, am Konfliktfall ze verhandelen, individuell Léisungen ze proposéieren a Recommandatiounen auszuschwätzen. Ech gesinn net, wat do soll dergéintschwätzen.

Dëst geschitt op dräi Ebenen: dem Décrochage scolaire, der Integratioun vu Kanner mat Migratiounshannergrond an der Inklusioun vu Kanner mat engem Defizit. U sech sinn dës dräi Beräicher ontrennbar, ganz einfach well eng gutt Integratioun an eng gutt Inklusioun vu vulnerabele Schüler déi éischt Viraussetzung sinn, fir den Décrochage scolaire vun Ufank un ze verhënneren.

Ganz opschlossräich sinn an deem Kontext d'Aussoe vum Antoine Fischbach, dem Direkter vum LUCET, dem Luxembourg Centre for Educational Testing vun der Uni Lëtzebuerg. 2016 huet deen Här an engem Interview drop opmierksam gemaach, datt d'Schülerinnen an d'Schüler, déi aus enger sozial benodeelegter Schicht stamen a gläichzäiteg e Migratiounshannergrond mat enger net germanofoner Mammesprooch hunn, an eisem Schoulsystem zu den allgeréisste Verléierer gehéieren. Bis zu zwee an engem hallwe Joer Bildungsreckstand si bei dëse Jonken am Alter vu 15 Joer feststellen.

De Problem weist sech meeschtens direkt schonn an den éischte Schouljoren, wou schonn ee Fënneftel vun de Kanner den Ufuerderungen hannendrunn, dat souwisou, mä zwee Drëttel vun dëse Kanner si Kanner mat Migratiounshannergrond, wat op en akuten Handlungsbedarf hiweist.

Wat d'Kanner mat kierperlechen oder mentalen Defiziter ugeet, esou misst et am Fong selbstverständlech sinn, Dir Dammen an Dir Hären, datt dës Kanner vun Ufank un an engem inklusive Schoul- a Betreuungs milieu opwuessen, net nëmmen, well d'Gläichbehandlung vun deene Kanner e fundamentaalt Mänscherecht duerstellt, mä och opgrond vun der Behënnerte-rechtskonvention, déi Lëtzebuerg am Joer 2011 ratifizéiert huet. Well d'Realitéit den Uspréich nach ëmmer hannendruleeft op dësem Gebitt, mécht et duerchaus Sënn, Här Minister, datt deen neie Service vun der Mediation sech net eleng op den Décrochage scolaire an op d'Integratioun vu Kanner mat Migratiounshannergrond konzentriert. Et ass och wichteg, datt en op der Ebene vun der Inklusioun vu Kanner mat engem kierperlechen oder mentalen Defizit aktiv soll ginn.

Dobäi muss ee wëssen, datt mir d'Rad mat dësem Projet net nei erfannen. Äänlech Initiative ginn et schonn a villen anere Länner, an deene mir eis am Fong kënnen inspiréieren, esou zum Beispill a Portugal, wou 2008 e Projet fir erzieheresch Mediation an d'Liewe geruff ginn ass. Méttels Mediateuren, déi gläichzäiteg och Enseignant sinn, gëtt konsequent a strategesch agegraff, wann ee Jonke gefäerdet ass, zum Schoulverweigerer ze ginn.

En anere ganz interessante Mediationsprojet géint d'Schoulversoen ass och a Portugal an d'Liewe geruff ginn, dëst mat 14 Mediateuren aus Betriber. D'Zil ass hei, de Kontakt tëschent Schoulen a Betriber hierzestellen an dat soziaalt Ëmfeld vun deene Jonke matanzebezéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Projekte wéi dës fanne mir besonnesch opschlossräich an interessant, well se sech net exklusiv op de Schoulmilieu limitéieren, mä

aner Partner an d'Mediation aschléissen. Dat heescht net, datt mir de Mediationsservice, dee mat dësem Projet de loi an d'Liewe geruff gëtt, a Fro stellen. Mir wëlle just ze bedenke ginn, datt säin Aktionsradius zimlech limitéiert bleift.

Natierlech ass et wichteg a richtig, datt de Mediateur all Hiewelen a Bewegung soll setzen, fir datt déi Jonk hire Studium weiderféieren. An et ass och wichteg a richtig, datt en do ass, fir am Konfliktfall ze verhandelen. Wann een dann awer weess, datt bal 50% vun de Schouloubréch op e feelende Patron de stage oder op den Netzugang zu der gewënschter Formation zréckzeféiere sinn, da weess een och, datt de Mediateur séier mat sengem Latäin um Enn ka sinn, ganz einfach, well e mat dësem Projet de loi net direkt d'Mission kritt, mat Patronen aus der Privatwirtschaft ze verhandelen a se dozou ze bewegen, Jonker an de Stage ze huelen.

Net anescht ass et beim Accès vu Jonken zu hirem gewënschter Formation, op déi kee Mediateur kann awierken, soulaang wéi eise Schoulsystem engem Jonken deen Accès d'office verspärt. Dobäi sinn et grad dës zwee Facteuren, wéi gesot, déi d'Haaptursach vum Schouloufbruch duerstellen, nieft dem Échec scolaire, op deen de Mediateur och nëmme begrenzt Afloss kann hunn.

An anere Wieder, d'Mediation mécht Sënn, si ass awer just e Puzzlestück vun enger Gesamtstrategie, fir géint de Schouloufbruch an d'Exklusioun virzegoen. Zu där Strategie gehéieren all déi Moosnamen, déi d'Virriedner an d'Virriednerin scho genannt hunn - ech ginn net laang drop an -: d'Antenne locale pour jeunes vum SNJ ass och interessant, d'Maison de l'orientation, d'École de la 2^e Chance, den Atelier „Stop and Go“, de Pilotprojet mam Numm „Plateforme accrochage scolaire“ an esou weider an esou fort.

Wat eiser Meenung no awer nach feelt, sinn zum Beispill genuch Internater, déi un d'Schoulen ugegiddert ginn. Esou Strukture géifen et erlaben, betrafte Jonker aus engem schwierigen oder konflikträiche familiären Ëmfeld erauszehuelen a geziilt ze encadréieren, dëst zum Beispill iwwer Modeller wéi Coaching oder Tutorat.

Wat och nach feelt, ass eng konsequent Ënnerstëtzung vun de Betriber, déi Jonker an de Stage huelen an eng gewësse Verantwortung fir si iwwerhuelen. Dozou gehéiert an eisen Aen och, datt déi sozial Ofsecherung vun alle Stagiäre muss garantéiert ginn, och dann, wann de Stage just als Orientierungshëllef oder als perséinlech Weiterbildung realiséiert gëtt an net am Kader vun engem agreéierter Stage.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, entscheidend fir en erfollegräiche Schoulparcours sinn doriwwer eraus nach aner Facteuren, déi schoulinterner Natur sinn an hoffentlech vum Mediationsservice opgegraff ginn, wann e bis besteet. Entscheedend ass zum Beispill d'Schoulklima, verbonne mat engem geschützten Ëmfeld, an deem Phänomene wéi Mobbing oder physisch a psychesch Gewalt keng Plaz méi fanne.

Besonnesch a grouse Schoulkomplexer muss och drop higeschafft ginn, datt et bei de Schülerinnen a Schüler net zu enger Verfrimmung kënn an zum Gefill vun Anonymitéit. Grad well déi jonk Mänsche Gebuergeheet an der Schoul a Verbondenheet mat der Schoul an den Enseignantë brauchen, fir sech dora wuelzefillen, muss deem Problem vun anonymen an onperséinleche Schoulkomplexer besonnesch Rechnung gedroe ginn an Zukunft.

Dobäi kënn, datt verstärkt un d'Fäegkeete muss ugeknäppt ginn, déi d'Kanner an déi Jonk aus hirem eegener Erfahrung matbréngen. Héich Uspréich un déi individuell Stärkte verbonne mat enger intensiver perséinlecher Ënnerstëtzung wierke bei Kanner a Jonke motivéierend a verbesseren hir Leeschtung wäit méi wéi e System, deen op Defiziter baut.

Aus all deene Grënn wënsche mir eis, datt den neie Mediationsservice sech net just op den Dialog tëschent de Schoulpartner, op d'Léisung vu Konflikter an op d'Hëllef bei Demarché konzentriert. Wichteg ass fir eis op alle Fall seng analytesch a berodend Mission, déi dora muss bestoen, de Fanger an d'Wonn ze leeën an nei Pisten opzeweisen, dëst an Zesammenaarbecht mam Observatoire de la qualité scolaire, dat heescht, Recommandatiounen auszuschwätzen, wéi eise Schoulsystem et méiglechst alle jonke Mänsche kann erspueren, schonn am fräie Liewen als Versoer stigmatiséiert an ausgegrenzt ze ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, wann de Mediateur dat fäerdegbréngt a wann d'Politik déi néideg Konsequenzen doraus zitt, dann huet dëse Projet de loi säin Zil méi wéi erreicht.

Domat soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a wëilt awer och dem Kolleeg Här Lamberty nach villmools Merci soe fir säi gudde Rapport.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser fir d'ADR.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt och ufänke mat engem grouse Merci un den Här Lamberty, deen eis dee Projet hei mat senger traditioneller Beegeschterung presentéiert huet. Mir wäerten als Oppositionspartei e bësse méi e kritesche Bléck op dëse Projet de loi hei werfen.

Ech mengen, wann een d'Entwécklung an der Éducation nationale an de leschte Joren hei observéiert, da kann een dem Minister vill Virwërf maachen, awer ganz sécher net deen, datt en net den administrative Waasserkapp a sengem Ministère konsequent nach weider ausgebaut hätt. Mir hunn ëmmer méi Servicer kritt an de Schoulen, bei de Schoulen, wou och d'Utilitéit, op jidde Fall vun eiser Säit aus, net kann novollzu ginn. Mir haten dat elo bei der nationaler Programmkommissioun, beim Observatoire de la qualité scolaire. Haut hu mer erëm en neie Projet, wou ech awer wëll dovun profitéieren, fir prinzipiell an Erënnerung ze ruffen, datt d'ADR seet: „Esou vill Stat wéi néideg, awer och esou mann wéi méiglech.“

Mir si prinzipiell fir e schlanke Stat. Et gëtt do zwou Consideratiounen:

(Brouhaha)

Engersäits soll de Stat net de Konkurrent si vun engem private Secteur, deen och héich qualifizéiert Leit brauch, an anersäits soll de Ministère de l'Éducation nationale net a Konkurrenz si géint iwwer aneren dréngende Besoinen an anere Ministère. D'Éducation nationale entwéckelt sech e bëssen zum Vampir vun der Fonction publique a leschter Zäit an hält iwwerproportional vill Mëttele fir sech an Usproch.

(Brouhaha)

Mir ginn lech awer gär recht: Et gëtt vill Erausforderungen an der Éducation nationale, awer ob, do méi Administratioun a méi Bürokratie d'Antwort ass, dat sief dohigestallt.

Dee Projet, dee mer haut hunn, huet Objektiv, déi mir och ënnerschreiven. Dat ass louabel. Fir de Leit esou wäit wéi méiglech e Schoulouf Schloss ze ginn, ass richtig, zemoos bei deene Leit, déi mat der Inklusioun konfrontéiert sinn. Och deenen, déi et scho méi schwéier am Liewen hunn, bäizestoen, ass eng Saach vun der mënschlecher Selbstverständlechkeet. An och do si mir der Meenung, datt dat richtig ass, fir hinne bäizestoen, hinne ze hëllefen.

Awer et gëtt scho ganz vill Servicer, déi dat maachen. Et sinn der vill haut opgezielt ginn. An d'Fro ass ëmmer: Huet et dann e Wäert, niewent all deene psychosoziale Servicer an Initiativen, spezialiséierte Schoulmeeschteren, Direktiounen an esou weider der nach derbäizesetzen?

Dee Projet, dee mer haut hei leien hunn, ass virun allem e ganz ideologesche Projet, an dat an enger Villzuel vun Dimensiounen. Dat éischt ass: Et ass eigentlech kee richtige Mediateur am Sënn vun Wuert, iwwert dee mer haut hei schwätzen. Et ass keng Vermittlungsinstanz ier eng Decisioun kënn oder am Laf vun engem Prozess. Et ass eppes ganz aneres: Et ass eng Instanz, déi no den Decisiounen kënn, nodeem all Ressourcë schonn epuséiert sinn. Et ass domadder eng Verhandlung no der Verhandlung an domat och eng Aushielegung vun den Hierarchien am Kader vun der Éducation nationale. Dat ass eppes, wat mir prinzipiell net wëllen! Wann Decisiounen geholl sinn no deene Regeln, da solle se stoen. E Mediateur huet héchstens eng Plaz do virdrun.

Dann ass et och eng Instanz, déi relativ vill Muecht huet op iwwerraschenden Domänen. Mir liesen am Gesetz, datt de Mediateur soll intervenéieren, wann eng Schoul d'Gesetz net respektéiert, d'Reglementer oder d'Instruktiounen net respektéiert. Mä dat ass net d'Aufgab vun engem Mediateur! Gesetzer a Règlementer si keng Verhandlungssaach! Déi mussen applizéiert ginn. Dat ass eng Responsabilitéit vun engem Direkter, vun engem Minister, och vun eis hei als Chamber, fir derfir ze suergen, datt déi ëffentlech Instanzen oder Organer wéi Schoulen d'Gesetzer respektéieren. A wann et eppes ass, wat de Code pénal interesséiert oder esou äänlech gelagert Problematiken, jo, da muss de Parquet informéiert ginn, awer kee Mediateur!

Drëtens geet et och ganz wäit, wann de Mediateur verlaangt, den Dossier ze gesi vun iergendeppes. Do ass erëm eng Kéier guer keng Grenz agebaut. De Secret dierf him net opposéiert ginn. Mir hunn eis gefrot, wann dann elo e Fall vu politescher Radikalisierung ass, wou et awer sensibel Dokumenter kënnen an engem Dossier ginn, och dat alles muss engem

Mediateur virgeluecht ginn, ouni datt do iergendwéi Grenze gezu ginn am Interessi vum Stat.

A véiertens, et ass och ganz typesch fir e Gesetz, wat esou e bëssen den „social engineering“ vu verschiddene politesche Stréimungen hei erëmispigelt, datt de Feeler vun engem Décrochage scolaire prinzipiell bei der Schoul gesicht gëtt, am System, steet am Gesetz (veuillez lire: am Rapport): «(...) ressources existantes ou si le système a échoué.» Mä de Problem kann och beim Schüler leien! Déi Eventualitéit ass emol hei net virgesinn! Wéi ass et, wann en aus familiäre Problemer, aus psychologesche Problemer d'Schoul wëllt verlossen? Och do kann e Mediateur an der Regel net hëllefen, dat ass och net seng Aufgab. A wéi ass et, wann e Schüler einfach wëllt fréi an de Beruff oder wann en einfach faul ass? Och dat schéngt et an eiser Welt ze ginn.

Dann ass et och: Wat heescht eigentlech „de System“? Wat ass domadder gemengt? A wann een dat Gesetz liest, da fält een erëm genau op déi Definition: De System, dat sinn eigentlech eis Dräisproochegkeet hei am Land, eis sproochlech Ufuerderungen. Well et steet do, déi „exigences multilingues“, déi géifen dann déi penaliséieren, déi do méi Problemer hätten, sech un eise Parcours scolaire dann unzepas-sen.

Mä déi Regierung hei iwwerrascht! Engersäits seet se, an do gi mer hir recht, de Multilinguismus an eisem Land, dat wär en Atout. Dat ass et och. An op där anerer Säit gëtt dann awer géint de Multilinguismus virgaangen. Dat wär eng Penalisation, eng Barrière an esou weider, wou d'Kanner da Problemer hätten, sech ze integrieren, an dofir misst eigentlech en anere Wee gesicht ginn.

Mä firwat dann do nach e Mediateur? Hu mer dann net schonn an der Schoul an deene leschte Joren esou vill Initiative geholl, fir eigentlech de sproochlechen Niveau op all Manéier esou wäit erofzesetzen, datt ee vun enger Erausforderung, vun enger Barrière, vun Integrationsproblemer net méi seriö kann diskutéieren?

Mir hunn dach eng Segregationspolitik, do-duerch datt verschidde Sproocheschoultypen gemaach ginn. Mir hunn déi multilingual Fréierzéiung, d'Frankofonisierung, Stéck fir Stéck, vun der Lëtzebuerger Schoul, d'Niveau-differenzierung an de Sproochen, d'Reduzierung vun den Inhalter an dem Sproochenunterrecht, d'Ewechloosse vu Sproochen.

Wou soll dann do nach den Defi sinn? Wou ass dann nach d'Barrière, wann an deene Fächer dach wierklech an der Substanz ëmmer manner enseignéiert gëtt?

A wat d'Integratioun ugeet, hu mir als ADR kloer Virstellungen, déi mer och ëmmer erëm gesot hunn. Éischtens hu mir geschwat vu Classes d'accueil. Wa Leit aus dem Ausland kommen, da loosst se dach esou laang a staatleche Klassen, bis se de Sproochenniveau erreecht hunn, dee se brauchen, fir an eiser Schoullandschaft ze reusséieren! An op dee Wee ass d'Regierung net esou matgaangen, wéi mir et eigentlech proposéiert hunn.

Mir hunn och ëmmer gesot: „Informéiert d'Kanner an déi Jugendlech, hir Elteren, ier se op Lëtzebuerg kommen, wat hei déi sproochlech Situatiounen an déi sproochlech Ufuerderunge sinn!“ Och dat géif deene Jugendlechen heiansdo ganz vill Problemer evitéieren, an och dat ass net gemaach ginn, wat awer eng elementar Vernunft eis géif ofverlaangen.

D'Argumentatioun fir dëse Projet de loi kann nach an aneren Hisiichten iwwerraschen. Da gëtt geschwat: „Mir hätte gär e quantitatiiv Zil.“ Firwat e quantitatiiv Zil? Et steet am Rapport: weinst der „contrainte internationale“. Mä et ass dach net vernënft, fir ze soen: „Mir wëllen 10%“, wéi et hei proposéiert gëtt. Firwat net 9%? Firwat net 11%? Firwat net 8%? Firwat net 0%?

Ech mengen, quantitativ Ziler sinn net d'Äntwert. Mä mir solle probéieren, Leit esou vill wéi méiglech iwwert déi vill Méiglechkeeten, déi eise Schoulsystem elo schonn offéiert, en Of-schloss ze ginn. Awer fir kënschtlech quantitativ Ziler ze setzen, ass sécher en illusoreschen, och en ideologeschen Usaz, dee mir esou net deelen. Mir solle géint de Phänomene virgoen, probéieren, esou effikass wéi méiglech dat ze maachen, awer op enger realistischer Basis.

„Chancëgläichheet“ ass och esou e Wuert, wat een ëmmer erëm héiert. Mä wat ass domadder gemengt? Wann een dëst Gesetz liest wéi och anerer, huet een den Androck, datt d'Chancëgläichheet e Synonym ass fir den Nivellement



vers le bas, datt mer wëlle probéieren, jiddwer engem en Diplom ze ginn, deen awer herno näischt méi wäert ass, an dann ze soen: „Bei eis huet jo jiddweree reusséiert.“

Dat ass de Contraire vu Chancëgläichheet. Chancëgläichheet ass eng Chancëgläichheet au départ, déi Méiglechkeet, sech op enger wirklech gerechter Basis géintwuer engem aneren ze bewären, an dat an enger gratis ëffentlecher Schoul, well mat all dësen Diskussiounen, déi mer hei hunn, verléiere mer dach d’Konzentratioun op de Schüler, déi wichteg ass.

Awer mir dierfen net aus den Ae verléieren, datt de Lëtzebuerger Schoulssystem als Ganzt och eng gesellschaftlech Funktioun ze erfëllen huet. An eng vun deene Funktiounen ass, fir eng leeschtungsfaëg Generatioun erunzebild mat enger gudder Bildung an enger gudder Ausbildung, déi eise Land och kann eng Zukunft ginn, déi eis ekonomesch konkurrenzfaëg léisst, déi eis administrativ leeschtungsfaëg léisst, déi eis d’Méiglechkeet gëtt, op intellektuell Wäerter opzebauen, well eppes aneres huet eist Land jo net ze bidden, wéi mer et jo genee wëssen.

An dat ass en Optrag vun der Lëtzebuerger Schoul, genauso wéi et den Optrag vun der Lëtzebuerger Schoul ass, eis Dräisproochegkeet ze erhalen, inklusiv Lëtzebuergesch! An eng Partei, déi sech op de Fändel „Zukunft op Lëtzebuergesch“ schreift an awer an dem Schoulssystem Lëtzebuergesch ëmmer weider benodelegt, déi muss sech awer hei Froe stellen, ob se hirer Kredibilitéit net schuet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Interruption*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Leschte Riedner ass den Här David Wagner fir déi Lénk.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Heiansdo huet een den Androck, datt mer geschwënn méi Organer hu wéi Léierpersonal hei am Land. Ech mengen, mir hate schonn eng Kéier driwwer diskutéiert. Mir wäerten net géint dëse Projet de loi stëmmen, mir wäerten och net derfir stëmmen, mä mir wäerten eis enthalten; dann ass dat schonn emol eng Kéier gesot.

(*Interruption par Mme Viviane Loschetter*)

Ech erzielen dat, ech soen dat, Madamm Loschetter.

De Problem ass deen, et ass jo vum Décrochage scolaire geschwat ginn. Mir hunn ongeféier 13% Décrochage scolaire hei zu Lëtzebuerg. Da kritt een esou eng Limité gesat vun der Europäescher Kommissioun, et misst een op 10% erofgoen. Natierlech ass dat eng arbiträr Zuel. De Problem awer, de systeemesche Problem, déi systeemesch Fro gëtt net onbedéngt gestallt, fir ze wëssen, wat iwwerhaapt..., wéi de Schoulssystem Schüler accueilliéiert.

Wat ass d’Finalitéit vun der Schoul? Wat ass e gudder Schüler? Wat soll e kënnen? An ech mengen, dat sinn alles Froen, déi an deene leschten zéng bis zwanzeg Joer wirklech net onbedéngt richtig diskutéiert goufe vun der Politik, mä déi awer vun de Gewerkschaften oft gestallt goufen.

Wat erwaarde mer vu Schüler? Dat heescht, datt se sech vläicht an e Moule erasetzen, fir herno gutt Salariéen ze ginn, a Konformitéit mat den Desiderata vun den Entreprises an esou weider, an der Illusioun ze mengen, datt just eng gutt Formatioun - mir soe jo net, datt ee keng gutt Formatioun soll hu fir gewësse Beruffer, mä dat ass net onbedéngt dat, wat ausschlaggebend ass am Fundamental oder am Lycée -, mä datt just eng spezifesch Formatioun gutt wier, fir herno um Aarbechtsmarché eens ze ginn.

Mir wësse ganz genau, datt et ganz staark dovunner ofhänkt, aus wat fir engem soziale Milieu ee kënnt, iwwer wat fir eng gesellschaftlech Verbindungen ee verfüügt, an esou weider an esou virun, fir weiderzekommen. Natierlech spillt eng Formatioun mat. Mä einfach e spezifesch Diplom, dee späert dech an an eng gewësse Kategorie.

Et ass evident, datt zum Beispill och am Prinzip Kanner, déi iwwer eng humanistesche Bildung verfügen an déi och aus engem gewëssene Milieu kommen, wou d’Elteren och iwwer esou eng Bildung verfügen, souwisou meeschtens herno och an der Gesellschaft et vill méi einfach hunn, fir eng Aarbecht ze fannen. Oft gëtt da fälschlecherweis behaupt, op esou Bildunge misst ee verzichten, well mer zukünfteg Meca-

nicien oder Aarbechter ausbilde wäerten, an dat wier superfetatoire. An dat ass justement och net de Fall.

Mir sinn der Meenung, datt prinzipiell weiderhi muss, wann ee schonn un der Wuerzel d’Problemer wëllt upaken, datt een éischstens déi verschidde Regimenter esou no unenee muss bréngen, datt heescht a Richtung Tronc commun muss goen, wou ee lues a lues an och individuell op déi verschidde Capacitéiten a Besoinen vun de Schüler kann agoen.

An duerno muss ee massiv och „bottom up“ - ech versichen emol, Englesch och ze schwätzen, mä dat geet net ëmmer esou richtig; neen, mä dat ass awer esou in, mä dat geet net -, also „vun ënnen erop“ massiv investéieren. An do gesi mer, datt et hei zu Lëtzebuerg ganz staark dorunner hapert, wat d’Formatioun vun den Enseignanten ugeet - et feelen eis der, an ech kommen nach an enger Question parlementaire méi spët drop, wou mer och nach erëm e Problem hu fir déi nächst Rentrée, dat ass eng aner Saach -, wat d’Infrastrukturen ugeet, wat de Matériel scolaire ugeet.

An dann, datt een Enseignanten net iwwerfuert - dofir muss een der och schonn emol genuch hunn -, mä datt een d’Enseignanten net iwwerfuert an hirer aldeeglecher Aarbecht, se kënnen op d’Kanner agoen, datt se och musse staark präsent sinn an de Schoullassen, datt se mussen och eng deementsprechend Ausbildung hunn, datt eng kollektiv Aarbecht muss stattanne mat den Enseignanten an datt een och op d’Enseignantë respektiv op d’Representantë vun den Enseignanten a vum psychosoziale Milieu, vun der Édif an esou weider, muss agoen, mat deenen zesummeschaffen, als Ministère op déi muss héieren.

A mir wëssen, datt dat net geschitt. Si soen dat op jidde Fall. De Ministère wäert natierlech soen: „Dat stëmmt net“, mä ech hunn d’Tendenz, Honnerten oder Dausende vu Leit éischter eppes ofzekafe wéi engem Regierungsmitglied, muss ech einfach emol do zouginn.

Duerno hu mer awer och e puer Problemer, wat d’Durée vum Mandat vum Mediateur ugeet, wat seng Qualifikationskritären ugeet, wat seng Kompetenzen ugeet. Dat ass net kloer. Dat ass kloer zum Beispill scho beim Ombudsmann, dee mir hei wielen, deen dofir do ass, fir iwwerhaapt en amont kënne Konflikter ze schlichten. De Mediateur ass jo do, fir ze schlichten, ier de Konflikt optrëtt. Dat hu mer zum Beispill bei engem Ombudsmann, deen och vun engem Parlament - mir maachen dat jo och hei - gewielt gëtt.

Do ass et awer net kloer, also, d’Prozedur ass do erëm eng Kéier relativ obskur. Also, e gëtt vun der Regierung ernannt, also vum Grand-Duc ernannt; dat heescht u sech vum Minister. An u sech, seng Qualifikatioun an esou weider ass an eisen Aen e bëssen arbiträr.

E schéngt awer relativ vill Muecht ze kréien. Schwätze mer iwwerhaapt vun engem Mediateur oder vun enger Aart Schoullrichter? Dat ass och d’Fro, déi ee sech muss stellen, well en huet och eendeiteg méi Capacitéiten wéi zum Beispill den Ombudsmann, dee mer hunn.

Da sinn esou Mesuren, wou ee sech d’Fro stellt, wat dat soll. Zum Beispill wa Kanner net opkräizen, well se blomaachen oder wat och ëmmer, well se net do sinn, da kann de Mediateur dann de Buergermeeschter informéieren, deen dann d’Elteren informéiere kann, datt et Sanction-pénalle gëtt. Firwat grad de Buergermeeschter? Dat ass eng Fro. Firwat och net d’Schoul direkt?

Ob dat wirklech eppes hëlleft, datt een d’Elteren drun ernënnert, datt et Sanktiounen gëtt, dat ass eng Fro, déi sech stellt, an ob een do wirklech och systematesch ëmmer d’Responsabilitéit op Eltere muss ofwälzen. Well et ass jo awer och esou, datt net all Eltere gläich si virun der Educatioun vun hire Kanner.

Et kann ee sech natierlech d’Liewen einfach maachen a soen: „D’Elteren hu Responsabilitéiten, wa se Kanner maachen, an duerno muss se domadder eens ginn.“ Mir wësse jo all: Kanner si schnell gemaach, mä fir se ze erzeien, ass eng aner Saach. An heiansdo sinn och d’Elteren total iwwerfuert, well si och selwer an engem Aarbechtsmilieu sinn, deen hinnen och net méi vill Zäit erlaabt.

Dofir huet een och e bëssen den Androck, datt dee Mediateur kéint - et ass den Androck, ech soen net, datt et esou wäert geschéien -, mä u sech, well et esou onkloer ass an dësem Gesetz, datt de Mediateur zu engem Schoullrichter kéint gi respektiv och eng Mission de flicage kéint kréie vis-à-vis vum Schoulpersonal selwer, dat schonn iwwerfuert ass a wou an deene fënnf leschte Joren näischt ënnerholl ginn ass, fir datt dat an eng aner Richtung géif goen, respektiv datt dat och eng Forme de flicage géintwuer den Eltere selwer kéint huelen.

Duerno stellt ee sech och d’Fro, firwat et keng Possibilité de recours gëtt, wann de Mediateur decidéiert, datt eng Reklamatioun, déi vläicht och vun engem Schüler oder vun engem Papp, vun enger Mamm kënnt... Datt hie ka soen: „Okay, ech iwwerhuelen dat net“, firwat een do kee Recours kann huelen.

Voilà! Do sinn an eisen Aen immens vill Saachen, déi wirklech flou sinn. Mir hätte léiwer, datt de Ministère méi Energie dran investéiert hätt, fir wirklech och dem Schoulpersonal déi Moyenen ze ginn, déi se brauchen, fir korrekt kënnen ze schaffen, datt se net iwwerfuert gi mat ze vill Bürokratie, datt se net fir alles responsabel gemaach ginn, mä datt se awer och wirklech kënnen do sinn, fir sech esou individuell wéi méiglech ëm d’Kanner ze bekëmmern, an datt een och fundamental Reforme gemaach hätt fir dee Wahnsinn vun deene verschiddenen Ordre-scolairen. Iergendeng Kéier muss een domadder Schluss maachen. Ech weess, dat ass politesch schweier unzepaken, mä et muss een et upaken, well soss kréie mer de Problem ni un der Wuerzel gepaakt.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun ukomm. An d’Wuert huet elo den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Claude Meisch, Ministre de l’Éducation nationale, de l’Enfance et de la Jeunesse.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech schlësse mech deene Felicitatiounen un de Rapporteur, de Claude Lamberty, selbstverständlech un, deen eis hei an d’Matière de Mëtteg agefouert huet. Eng Matière, déi sécherlech komplex ass, well et e weidert Puzzlestéck ass vun där Landschaft, déi mer amgaange sinn ze skizzéieren, fir ze kucken, op eng ganz Rei vu Constaten awer kënnen adequat ze reagéieren.

Déi Constate sinn net nei. Mir kenne se alleguerten. Mir hunn d’Bildungsetüden aus de leschte Joren, heiansdo aus de leschte Jorzéngten, jo awer gelies. An hei geet et jo nach eng Kéier ëm déi Kategorie vun vulnerabele Schoulpopulatiounen, déi ëmmer nees och Thema vun deenen Etüden do sinn.

Mir wëssen, datt bei Kanner, déi extra Besoinen hunn, well se vläicht Léierschwieregkeeten hunn, well se verbalenopfälleg sinn, well se en Handicap hunn, datt do d’Tendenz besteet, datt d’Schoul schonn, ech mengen, d’Akteure vun der Regelschoul an der Klass heiansdo d’Tendenz hunn, fir ze soen: „Dorëms soll en anere sech këmmern“, an datt mer och Kräfte brauchen an engem Bildungssystem, déi do dergéint wierken, déi do heiansdo soen: „Neen, dat doten, dat kann et net sinn, do gëtt et Regeln, do gëtt et aner Solutiounen.“ A mir muss kucken, datt mer aner Weeër fannen.

Mir wëssen och, datt et hei zu Lëtzebuerg - an dat ass de Mëtteg, mengen ech, an der Debatt jo awer och vun deem engen oder aneren nach eng Kéier ervirgestrach ginn - ganz breet Schoulpopulatiounen gëtt, wou eigentlech eise regulären Unterrecht, eis regulär Schouloffere nach ëmmer net esou richtig passt, déi Schülerinnen a Schüler, déi mat enger anerer Mammesprooch an d’Schoul kommen, nach ëmmer net - dat gesi mer a Statistiken, dat gesi mer an all deene Bildungsetüden - déiselwecht Chancen hunn op en Ofschloss, dorop, fir ouni Redoublement derduerchzekommen, op méi en héijen Ofschloss och duerno, fir vläicht nach an den Enseignement supérieur kënnen eropzekommen.

Alles dat wësse mer. An ech denken, datt mer och duerfir solle kucken, e besonnescht A och op déi dote Population cible weiderhin hei am Land ze hunn.

En aneren Defi ass dee vum Maintien scolaire, fir deen ze fërdere respektiv den Décrochage (veuillez lire: den Décrochage ze verhënnern), de fréizäitegen Décrochage, do, wou Schüler aus ganz ënnerschiddleche Grënn - an ech soe ganz oft: „Et gëtt esou ënnerschiddlech Grënn, fir de décrochéieren, wéi et Decrocheure gëtt“ - riskéieren, aus dem Schoulssystem auszescheeden ouni Diplom, ouni Ofschloss, eigentlech och ouni Perspektiven, duerno wirklech gutt duerch d’Liewe kënnen ze kommen.

A mir kënnen eis et eigentlech net leeschten haut am Joer 2018, dorobber ze verzichten, fir deenen dote Schülerinnen a Schüler déi beschte Méiglechkeeten ze ginn, an einfach weiderhin nozekucken, datt se eigentlech generell ënner hire Méiglechkeeten, ënner hirem Potenzial bleiwen.

An och an där Ambitioun schreift sech de Médiateur scolaire mat sengem Service an, wann déi dote vulnerabele Schoulpopulatiounen op anere Weeër eigentlech net zur Satisfaktioun

komm sinn a wa se d’Gefill hunn, dann awer iergendzwoousch net hire Wee ze fannen an der Schoul, datt en do kann nolauschten, datt e ka vermëttelen, datt e bei Konflikter eben och d’Roll vun engem Mediateur kann iwwerhuelen, datt e kann no Lösunge sichen, well mer scho mierken, datt ganz vill Schüler, ganz vill Elteren awer och ganz oft hëlleflos op der Sich sinn no esou engem, deen duerch dee ganzen Dschungel vun all deene Mesuren, dee se zum Deel schonn duerchlaf hunn, zum Deel awer vläicht och emol guer net kannt hunn, ka féieren an dee kann auslichten.

Et ass, denken ech, e wichtegt Element nieft all deenen aneren Efforten, déi mer maachen, fir Kanner mat engem anere Sproochenhannergrond eng aner schoulesch Offer kënnen unzëbitten, fir Kanner mat extrae Besoinen och méi qualifizéiert Personal, spezifesch ausgebildent Personal an d’Schoulen ze ginn. Um lokale Plang, um regionale Plang, um nationale Plang - doriwwer wäerte mer déi nächst Woche jo hei och nach eng Kéier schwätzen - ass et wichteg, fir ze kucken, datt och ganz individuell den eenzelne Fall, den eenzelne Schüler a säin Entourage do eng Guidance ka kréien a ka gehollef kréien am Fall, wou et Problemer ginn.

Gläichzäiteg denken ech, datt mer - an dat ass e Constat, deen ech awer déi lescht Jore gemaach hunn - als Bildungssystem insgesamt oft riskéieren, déi dote Schoulpopulatioun aus den Aen ze verléieren, och wa se ëmmer erëm Thema ass a Bildungsetüden, och wa mer hei ëmmer erëm driwwer schwätzen, datt awer op ville Plaze sech eigentlech net esou mat där Motivatioun ëm si gekëmmert gëtt, wéi dat eigentlech misst sinn, an datt mer iergendzwoousch och en Affekt brauche vun deem, dee riskéiert ze décrochéieren, vun deem, dee vläicht mat engem anere Sproochenhannergrond aus anere Schoule kënnt, vun deem Schüler, deen en extrae Besoin huet.

Duerfir ass eng vun de Missiounen vum Mediateur eben och, fir Recommandatiounen un de Ministère respektiv den Observatoire de la qualité scolaire ze riichten. Firwat de Ministère? Ma well dee sécherlech direkt ka kucken: Wou fonctionnéiert de System net? A seng Aufgab, seng ganz natierlech Aufgab ass et, dorobber ze intervenéieren. an den Observatoire de la qualité scolaire huet d’Méiglechkeet, weider méi déif gräifend, och systeemesch Etüden ze maachen, fir ze kucken, ob dat doten éischter e punktuelle Problem ass, ob et e systeemesche Problem ass. Hie kann och Recommandatiounen ausschaffen, wéi d’Politik - d’Politik, de Ministère, awer och eng Chamber - hir Verantwortung an deenen eenzelne Beräicher kann iwwerhuelen.

Ech denken, datt mer hei net aus der Pflicht sinn, fir fir déi dote Schoulpopulatioun eng national Politik ze definéieren, e Schoulssystem, eng schoulesch Offer, eng Bildungslandschaft ze offréieren, déi hire Besoinen Rechnung dréit. Et geet hei net drëms, fir iergendeng Ulafstell ze hunn, déi en Alibi ass an eis alleguerten aus der Verantwortung entléisst, eis als Politiker aus der Verantwortung entléisst, de Schoulssystem, de Rescht vum Schoulssystem, aus der Verantwortung entléisst, fir sech doriwwer net méi brauche Gedanken ze maachen a sech net méi op déi dote Besoinen mussen auserichten. Mä et geet eben hei drëm sécherzestellen, datt déi Politik - déi mer ganz oft definéieren, déi kloer geregelt ass - um Terrain och esou ëmgesat gëtt.

A wann hei gesot gëtt: „Dat misst eigentlech eng Selbstverständlechkeet sinn, de Minister an d’Chamber an all déi sinn duerfir zoustänneg!“ Jo, de Minister brauch Akteuren, déi dat doten dann och kënnen assureieren, an de Mediateur wäert ee vun deenen Akteuren do sinn.

Ech bedauern, datt mer hei net eng ganz breet Zoustëmmung hunn. Ech hunn eenzel Kritikpunkten héieren. Ech kann déi zum Deel novollzéien an huele se ganz gäre mat. Wa gesot gëtt: „Mir hunn esou vill ënnerschiddlech Akteuren an et weess een net ëmmer, wie fir wat ganz genee zoustänneg ass!“, bei „et weess een net ëmmer“ heescht dat dann net, datt net gewosst ass, wie fir wat zoustänneg ass, mä dann ass dat vläicht net ëmmer fir jiddwereen esou erkenntlech. Fir deen, deen net aus der Educatioun kënnt, fir deen, deen ausserhalb vum System steet, heiansdo och fir deen, dee Responsabilitéit am System dréit, ass dat net ëmmer esou kloer erkenntlech.

Do muss mer elo Efforte maachen, fir méi staark ze kommuniquéieren, och hei méi präzis kloerzemaachen: Wéini ginn ech bei de Mediateur? Wéini ginn ech awer och net bei de Mediateur, wat sinn aner Ulafstellen? Ech denken, de Rapporteur ass drop agaangen, datt, wann ech mengen, ech hätt onberechtgeterweis eng Retenue kritt oder meng Prüfung wär emol falsch korrigéiert ginn, dann ass de Mediateur net déi éischt Ulafstell. Da ginn ech bei mäin Enseignant. Wann ech do keng Satisfaktioun kréien, da ginn ech bei den Direkter. Dat ass



ganz kloer, datt déi doten Akteuren dann d'Responsabilitéit hunn, fir déi Dossiere seriö kennen ze kucken. Mä et geet hei eben drëms, fir ganz präzis an anere Fäll nach eng Instanz ze hunn, déi ka kucken, fir Léisungen ze fannen. Ech mengen, datt mer dat och musse kloer-maachen. Ech si ganz gär bereet, deen dote Message matzehuelen.

Zu deenen Amendementen, déi d'CSV an der leschter Kommissiounssëtzung nach abruecht huet, deelen ech dat, wat hei och zum Deel gesot ginn ass. Jiddwereen huet natierlech d'Recht, sech do begleeden ze loossen, wann e bei de Mediateur geet. Ech denken, datt dat en allgemeng gëltege Rechtsprinzip ass, och hei an dësem Kontext, datt dat, wat net verbueden ass, erlaabt ass. A selbstverständlech ka jiddweree sech duerch iergendee begleede loossen, fir bei de Mediateur ze kommen an do seng Cause kennen ze plädéieren. Dat ass kloer.

A mir haten awer Bedenken, d'Regierung wéi och d'Majoritéit an der Kommissioun, fir ze soen, datt de Mediateur, dee jo a ville Fäll awer och eng Mediationsaarbecht muss maachen - dee muss vermëttelen, dee muss Brécke bauen -, sech net kann autosaiséieren, also sech selwer engem Dossier kann unhuelen, well dann ass e jo schonn eng vun de Parteien. A fir kennen ze vermëttelen, fir déi Brécken do kennen ze bauen, muss hien tëschent de Parteie stoen. Duerfir si mer eben op deen dote Wee gaangen, wéi et d'ailleurs jo och beim Ombudsmann de Fall ass an eigentlech gängeg Praxis ass, wann ee vun enger fachmännischer Mediation doruechter schwätzt.

Ech soen all deene Merci, déi am Laf vun de leschte Wochen derzou bäigedroen hunn - virun allem an der Kommissioun -, datt mer elo op dee Wee hei kënne goen. Ech mengen, mir hate flott Diskussiounen. Et ass finalement jo och en aneren Text derbäi erauskomm, wéi en eigentlech initialement vun der Regierung proposéiert ginn ass, wou mer nach dräi verschidde Mediateuren, all Kéiers ee separat fir all Population vulnérable, proposéiert haten. Mir hunn elo ee Mediateur mat engem Service, dee sech awer deenen dräi Zilgruppen do ganz besonnesch wäert widmen.

Ech denken, datt et eng ganz konstruktiv Aarbecht war, déi mer do gemaach hunn. An ech wënschen natierlech dem zukünftege Mediateur a senger ganzer Equipp ganz vill Erfolleg bei senger Aarbecht, woubäi ech mer géif wënschen, datt en eigentlech keng Aarbecht hätt. Mä datt schéngt mer awer eng Illusioun ze sinn.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7072 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7072 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

32-mol Jo, 3-mol Nee a 25 Abstentiounen. Domat ass de Projet 7072 ugeholl.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Eugène Berger), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par M. Laurent Mosar), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Marcel Oberweis), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwer, dem Projet de loi 7048, deem neien Naturschutzgesetz. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Henri Kox.

3. 7048 - Projet de loi concernant la protection de la nature et des ressources naturelles et modifiant

1° la loi modifiée du 31 mai 1999 portant institution d'un fonds pour la protection de l'environnement;

2° la loi modifiée du 5 juin 2009 portant création de l'Administration de la nature et des forêts;

3° la loi modifiée du 3 août 2005 concernant le partenariat entre les syndicats de communes et l'État et la restructuration de la démarche scientifique en matière de protection de la nature et des ressources naturelles

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Henri Kox** (déi gréng), rapporteur.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, haut de Mëtteg stëmme mer en neit Naturschutzgesetz, en Naturschutzgesetz, wat déi natierlech Liewensgrundlage vun eise Land a vun eisen Awunner längerfristeg besser schützen a restauréiere soll, en Naturschutzgesetz, wat och de Mënsch schützt duerch proppert Waasser, intakt Biedem a gesond Loft.

Dëst neit Naturschutzgesetz ass eng Leitplank, fir déi zukünfteg Entwécklung vun eise Land ze begleeden. Dëst neit Naturschutzgesetz steet fir Präventioun, d'Erhaltung an d'Restauration vun ökologesche Systemer, d'Minimierung vum Flächeverbrauch, méi Transparenz an administrativ Vereinfachung a kloer Regeln, méi Matsprooch an Zesummenaarbecht, méi professionell a sënnavoll Kompensatiounsmoossenamen, de Schutz vu gudde landwirtschaftleche Biedem a manner Spekulation op landwirtschaftleche Flächen.

D'Naturschutzgesetz, wat haut hei gestëmmt soll ginn, bréngt also eng Rei Verbesserung vis-à-vis vum Naturschutzgesetz 2004, e Gesetz, wat awer net dat éischt Naturschutzgesetz hei zu Lëtzebuerg war. En éischt Gesetz ënnert dem Titel „Loi concernant la conservation de la nature et des ressources naturelles“ gouf 1965 votéiert an 1978 modifizéiert. 1982 gouf dëst modifizéiert Gesetz vun 1965 duerch en neit Naturschutzgesetz ersat an de Begrëff „conservation“ duerch „protection“ ausgetosch. Ab dem Joer 1982 gëtt deemno net vun Erhalen, mä verstärkt vu Schutz geschwat. 2004 gouf eng weider gréisser Reform duerchgefouert, well zwou wichteg Direktive vun 1992 an 1979, déi sougenannten „Directives habitats et oiseaux“ - haut éischer ënnert dem Begrëff Natura 2000-Gebidder bekannt -, an d'national Gesetzgebung hu missen ëmgësat ginn.

D'Natura 2000 ass e Kärstéck vun der europäescher Naturschutzpolitik, fir d'Erhaltung vun der biologescher Villfalt fir déi zukünfteg Generatiounen ze garantéieren. Mat 66 Natura 2000-Gebidder huet Lëtzebuerg säi Soll haut erfëllt. 48 dovou si Schutzgebidder fir d'Liewensraum an 18 dovou sinn als Vullschutzgebidder ausgewisen. An de Joren no 2004 huet nach e puermol un dësem Gesetz missen nogebessert ginn, deels duerch nei national Gesetzgebungen oder duerch d'Obligation, EU-Richtlinne besser ëmzesetzen.

Ënnert der viregter Regierung gouf dunn 2012 e Gesetzesprojet mat der Nummer 6477 deposéiert, wat d'Gesetz vun 2004 sollt modifizéieren. Duerch den Avis vum Statsrot 2013 wollt déi jëtzege Regierung iwwert de Wee vu Regierungsamendementen d'Gesetzespropos 6477 amendéieren. Schlussendlech gouf awer decidéiert, eng integral Reform vum Gesetz iwwert den Naturschutz duerchzeféieren an eng eege Gesetzespropos ënnert der Nummer 7048 nei ze deposéieren.

Dës Neischreiwung huet och zu enger besserer Lieserlechkeet vum Gesetz bäigedroen, wat och vu villen esou erkannt gëtt, a wou awer gekuckt gouf, déi wichteg Artikelen wéi den Artikel 17 och weiderhin als Artikel 17 am neie Gesetz ze beloossen. Ausschlaggebend fir eng integral Reform vum 2004er Gesetz war besonnesch d'Uerteel vun der Cour constitutionnelle an den Avis vum Conseil d'État zum Projet de loi iwwert den Aménagement du territoire betreffend den Droit de propriété, wat jo och zum Réckzuch vun de véier Plan-sectorielle gefouert huet.

Och den neie Plan national concernant la protection de la nature, de sougenannte PNP2,

huet et zwéngend gemaach, eng nei Gesetzespropos ze maachen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir-wat brauche mer dann iwwerhaupt en Naturschutzgesetz? Mir hunn dach alles! Eist Land ass dach esou schéin, mat schéine Koppen an Däller, Baachen a Flëss, Bëscher a Wäsen. Et ass dach alles gutt, oder? Leider net! Ech wëll hei net den Däiwel un d'Wand molen, mä d'Situation an der Natur dobaussen ass schlecht, si ass deels ganz schlecht.

Et ass leider net alles gutt. Ech wëll dofir d'Fakten zum Zoustand an der Natur just un e puer Zuelen illustréieren. D'Datelag iwwert den Zoustand ass an dem virgenannten zweete Plan national concernant la protection de la nature op wëssenschaftlecher Basis beschriwwen. Dësen zweete Plang deckt d'Joren 2017 bis 2012 (veuillez lire: 2021) of a gouf den 13. Januar 2017 am Regierungsrot ugeholl an de 14. Februar d'lescht Joer am Memorial publizéiert.

An deem Dokument féinnt een d'Stratégie nationale a Saache Biodiversitéit: éischtens d'Objektiver an zweetens d'Mesuren an d'Aktiounen, fir dës Strategie ëmzesetzen. An den Annexen zu dëser Strategie sinn eng Rei Kaarte publizéiert, déi sech och op de Corridor écologique bezieen.

E puer Zuelen a Fakten iwwert den Zoustand vun der Biodiversitéit:

98% vun eise Waasserleef sinn a kengem gudde ökologeschen Zoustand. De chemeschen Zoustand vun de Waasserleef ass néierens gutt.

Lëtzebuerg ass staark fragmentéiert. Et ass souguer dat am stärkste fragmentéierte Land an Europa.

Iwwert de Réckgang vun Insekten gëtt och ausféierlech bericht: Eng Rei Päiperleken, déi eigentlech immers heefeg sollte sinn, hunn déi lescht Jore staark gelidden a si besonnesch um Akerland zrëckgaangen.

Bei den ze schützenden Aarte geet et 60% am Offeland schlecht, kenger geet et u sech gutt.

Eist ökologescht Gläichgewicht ass deemno schwéier a Gefor. Et ass dofir wichteg a richtig gewiescht, fir d'éischte Kéier d'Erhaltung an d'Restauration vum ökologesche System an d'Gesetz anzuschreiwien, niewent de besteeenden Zilsetzunge wéi dem Schutz vun den natierleche Ressourcen oder d'Wahrung vun den Déieren- a Planzenarten. Dës wichteg Zilsetzunge sinn dofir direkt am Ufank vun dësem Gesetz ënnert dem Objektiv am Artikel 1 niddergeschriwwen.

Här President, erlaabt mer als Rapporteur just nach e puer perséinlech Gedanken. Wann een d'Kommentar iwwert den Émwelt- an Naturschutz esou liest, esou maachen ech mer richtig Suergen iwwert de Stellwäert an och de Respekt vun eiser Gesellschaft vis-à-vis vun der Biodiversitéit an den natierleche Ressourcen hei am Land.

D'Banaliséierung vum Biodiversitätsverloscht mécht mer Angscht. Ech kéint och hei d'Weisheet vun de Cree-Indianer zitéieren: „Erst wenn der letzte Baum gerodet, der letzte Fluss vergiftet, der letzte Fisch gefangen ist, werdet ihr feststellen, dass man Geld nicht essen kann.“

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dëst Gesetz ass keen Allheilmittel a wäert och Letzte merte bleiwen, wa mer et net zesummen am géigesäitege Respekt ugin. Et ass e weidert wichteg a richtig Puzzlestéck am Émgang mat eisen natierleche Ressourcen. Ech wëll dofir d'Kärstéck vun dësem Gesetz besonnesch ervirsträichen. Dëst Kärstéck ass an der Sektioun 2 ënnert den Artikelen 63 bis 65 zrëckzefannen, déi sougenannten „mesures compensatoires“.

Eisen Ökosystem, sief et e Bam oder e Strauch, sprécht den Habitat am Allgemengen, kritt mat dësem Gesetz e Wäert a gëtt iwwer wëssenschaftlech Kritäre mat Ökopunkte versinn, déi och engem monetäre Wäert entsprechen. Dëse System erlaabt et, de Schutz oder déi entsprechend Restauratioun ze moossen an och ze evaluéieren.

Dem Minister erlaabt dës Virgeeënswis, e Projet oder eng Infrastruktur net méi einfach ze refuséieren, mä d'Reduktioun vum Habitat da beschtefalls ze minimiséieren a bei eventueller Zerstéierung vu Biotoper an Habitater dës duerch en transparenten an éffentleche Kompensatiounssystem ze ersetzen. Dës Kompensatiounen geschéien deemno net méi hott an har an ënnerleien net méi der Responsabilitéit vum Promoteur, mä der Responsabilitéit vun der éffentlecher Hand. Fir d'Kompensatiounen kennen duerchzeféieren, ginn dofir entsprechend Pools de compensation geschafen, déi als Office de réserves foncières mat engem héijen ökologesche Potenzial fir d'Restauration vum Ökosystem gellen.

Ee weidere wichteg Punkt ass en transparente Register, deen dës Kompensatiounsmoossna-

men éischters festhält an zweetens e Suivi garantéiert. D'Ëmsetzung, wéi gesot, ënnerläit der éffentlecher Hand a muss am Fall vun enger Kompensatiounssëtzung och vum Promoteur bezuelt ginn. Dës Sue gi gebraucht, fir déi entsprechend Terrainen ze kréien, d'Fraise fir d'Planifikatioun, d'Realisatioun an d'Gestioun iwwer 25 Joer ze bezuelen an och ze garantéieren.

Jo, d'Émwelt an d'Natur kritt deemno mat dësem Gesetz e Präis, deen awer net onbedéngt zu Käschtepunkte fir de privaten oder éffentleche Promoteur beim Bau vun Infrastruktur muss féieren. Et geet drëms, net muttwëlleg e Biotop ze zerstéieren, mä bei optimaler Planifikatioun méiglechst vill vun dëser Strukturelementer, sprécht hei an deem Fall Ökopunkten, mat ze integréieren.

De Projet zum Beispill vun „Wunne mat der Wootz“ - dee gouf schonn éfters hei ernimmt - weist op, wéi een an Zukunft Hand an Hand ka goen, fir méiglechst vill Elementer kennen dës le départ mat ze berücksichtegen, wat schlussendlech zu der Liewensqualitéit - eiser Liewensqualitéit - vun den Awunner wäert bäidroen. Fir dass déi Pools de compensation och sënnavoll ugeluecht ginn, gëtt d'Land a fénnef ökologesche Zonen ageedeelt, soudass och garantéiert gëtt, dass am selwechten ökologesche Sektor, wou zerstéiert gëtt, och entsprechend restauréiert gëtt.

D'Angscht vun der Landwirtschaft, dass héichwäerteg Agrarland fir dës Kompensatioun géif geopfert ginn, ass net berechtigt. Dofir gëtt mam Artikel 67 e Comité de gérance an d'Liewe geruff, wou sämtlech Partner, och d'Landwirtschaft, an engem Dësch wäerte sëtze mat ënner anerem dem Office national du remembrement. Gläichzäitig steet explizit am Gesetz: «de veiller à éviter la réalisation de mesures compensatoires sur des terrains à haute valeur agricole». D'Spekulation op d'Agrarflächen duerch den Opkauf vu Kompensationsflächen duerch Promoteure wäert och heimat ophéieren an ewechfalen.

Niewent dësem Kärstéck wëll ech awer och nach op e puer aner Neierungen an dësem Gesetz agoen, ouni wëllen awer ze vill an den Detail ze goen. Dofir fannt Der déi Detailer och a mengem schrëftleche Rapport zrëck.

Et gouf eng nei Definitioun vun de Gréngzonen am Artikel 3, genau Regeln, fir an der grénger Zon ze bauen, am Artikel 6. Jo, d'Bauen an der Gréngzon ass weider erlaabt, mä mat ganz transparenten an novollzéibare Kritäre versinn.

Och goufen déi existéierend Konstruktiounen nei geregelt, an dat am Artikel 7. D'Aféierung vun engem «régime d'autorisation pour la destruction de biotopes en dehors de la zone verte»: Wann also eppes zerstéiert gëtt, da gëtt et eng Méiglechkeet, fir eng aner Autorisation trotzdeem ze ginn. D'Reorganisatioun betreffend den Espèces protégées, wat ganz wichteg ass; ech hunn lech d'Zuele virdu genant. An den Article 35 a 36 geet et ëm d'Natura 2000-Gebidder. Do gëtt, éischters, e Plan de gestion des zones Natura 2000 opgestallt an zweetens, ganz wichteg, d'Création de comités de pilotage Natura 2000.

Och hei nach eng Kéier e puer Wieder iwwert déi Natura 2000-Gebidder. Et ass keng Erfassung vu Lëtzebuerg, mä eng wichteg europäesch Verpflichtung, de Schutz vun den Aarten a Liewensraum ze garantéieren. Wichteg ass an Zukunft, dass et eng Obligation de résultat an net méi just eng Obligation de moyen ass an de Schutz zonen Natura 2000, wat sécherlech zu besserer Resultater an dëse Gebidder wäert féieren.

Wat awer gradesou wichteg ass, dat ass, dass an deene Pools de compensation e Comité de pilotage an d'Liewe geruff ginn ass, wou all d'Partner un engem Dësch sëtzen a besonnesch och d'Propriétaire vun dësen Terrainen. Den Droit de préemption ass just op Terrainen vun den Zonen protégées d'intérêt national limitéiert ginn. Och zu deene vläicht e Wuert: Déi Zone leien haaptsächlech an den Natura 2000-Flächen an et kommen net nach iwwerdrifwe weider Flächen derbäi. D'Kaarten dozou sinn an deem virgenannte PNP2 hängen an den Annexen ze fannen.

Ënner Regroupement et clarification des dispositions relatives aux autorisations am Chapitre 12 ass alles iwwert d'Autorisationen nach eng Kéier beschriwwen ginn. D'Prozedure gi méi kloer a präzis gemaach, wat sécherlech och zu enger administrativer Vereinfachung wäert féieren. An zum Recours: De Recours en réformation ass an dësem Gesetz ofgeschafft ginn an duerch e Recours en annulation ersat ginn, well d'Gerichter sech dach relativ schwéiergedoen hu mat dem Recours en réformation.